



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Här President,

Am Kader vun der Froestonn vum 8 Juli 2021 wéilt ech dem Minister fir Sozialversécherung eng mëndlech Fro stellen.

Säit Mäerz 2021 gëtt et fir blo, giel a rout markéierte medezinesche Cannabis eng national Rupture de Stock. D'Patiente si gezwongen, hiert Cannabis-Traitement ze ënnerbriechen an nees op klassesch Schmerzmittel (mat all de bekannten Niewewierkungen) ëmzesteigen, hunn sech op héich eege Käschten un auslännesch Apdikte gewend oder musse sech um Schwarzmaart ëmkucken, wou et keng Garantie gëtt, ob den ugebuedene Produit net mat ongesonden Zousätz gestreckt gouf.

D'Offere vu méigleche Fournisseure fir medezinesche Cannabis ginn zur Zäit nach ausgewäert, esou dass d'Penurie eis nach e puer Wochen (villäicht esouguer Méint, sollt nach eng weider Ausschreiwung néideg sinn) begleede wäert.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Wäert d'CNS iwwergangsweis de Patienten, déi eng Ordonnance médicale hunn, d'Rechnunge vum Kaf vu medizineschem Cannabis aus dem Ausland rembourséieren?
- Wäert d'CNS alternativ oder zousätzlech de Kaf vu CBD-Produiten, déi ouni Rezept a Geschäfte erhältlech sinn, fir Patienten, déi eng Ordonnance médicale hunn, rembourséieren?
- Falls beides net geplangt ass, wat fir aner Léisungsvirschléi kann d'Regierung de Beträffenen ubidden?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

